N°1810
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Premierminister, vum Inneminister a vum Minister fir den Ëffentlechen Déngscht op d'parlamentaresch Fro n°1810 vum 21. Januar 2025 vun den honorabelen Députéierten Corinne Cahen a Carole Hartmann zum Sujet "Nomination de l'ancien directeur général de la police au poste de directeur général de HUT".**

**Ad 1)**

D'Pensiounsgesetzgebung fir Staatsbeamte gesäit vir, dass all Pensionéierten nieft dem Benefice vu senger Pensioun nach dierf schaffen. De Pensionéierte muss keng Autorisatioun am Viraus ufroe fir zousätzlech zu der Pensioun nach ze schaffen an et gëtt och keng Limitatioun u Stonnen déi d'Persoun nach schaffen dierf.

Wéi och am Privat-Secteur ginn et awer fir verschidde Forme vu Pensioun Limitte wéi héich déi zousätzlech Revenuen dierfe sinn. Esou dierfe Persounen déi an enger Invalide-Pensioun sinn oder an enger virgezunner Alterspensioun (pension de vieillesse anticipée) net onlimitéiert zousätzlech verdéngen. Wann déi respektiv Plaffongen (déi jee no Pensiouns-Regime an no der Form vun der Pensioun variéieren) depasséiert ginn da mussen dës Pensioune reduzéiert oder esouguer ganz gestoppt ginn. Well dës Limitatioune bestinn, hunn dës pensionéiert Staatsbeamten d'Obligatioun fir der zoustänneger Administratioun, dem Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO), hir Revenue matzedeelen.

Déi Staatsbeamten déi an enger Alterspensioun (pension de vieillesse) sinn, dierfen nieft dem Benefice vun hirer Pensioun esouvill zousätzlech verdénge wéi se wëllen. Well keng Limitatioun besteet, hunn dës Persounen dann och keng Obligatioun fir dem CGPO Detailer zu hire Léin matzedeelen.

**Ad 2)**

Et ass kee vun de Ministeren am Virfeld consultéiert ginn. Wéi an der Äntwert 1 erkläert ass, muss de Pensionéierte keng Autorisatioun am Viraus ufroe fir zousätzlech zu der Pensioun nach ze schaffen.

**Ad 3)**

Weder de CGPO, nach d'Police hunn Zuele vu pensionéierte Fonctionnairen, déi nach schaffen. Dës Informatioune sinn net relevant fir d'Verwaltungen.

**Ad 4)**

D'Police huet e spezielle Code de déontologie, mee dee bezitt sech eleng op den aktiven Déngscht.

**Ad 5)**

Et ass all Beamten iwwerlooss wéi eng Aktivitéiten hien an der Pensioun mécht, soulaang se konform zu der Gesetzgebung sinn.

Lëtzebuerg, den 14.Februar 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN